



Gemeinsam Pressematdeeling: Plooschter Projet / Stefan Morsch Stiftung

PRESSEMATDEELUNG

"Ech denken dacks un d'Famill vum klenge Jong ..."

De Stammzellespender Sven aus Wäicherdang gött engem zweejärege Kand nei Hoffnung

Wäicherdang / Birkenfeld, den 04. Oktober 2026 – D'Méiglechkeet, enges Daags e Liewen ze retten. Dëse Gedanke war de Grond, firwat de Sven sech viru ronn aacht Joer iwwer déi lëtzebuergesch Initiativ "Plooschter Projet" als potenzielle Stammzellespender registréiere gelooss huet. Haut ass hie selwer Papp a schafft als Hausmeeschter an enger Secondaire-Schoul. Nieft dem Zeechnen an der Gaardenaarbecht huet hien eng Leidenschaft fir d'Bemole vu Miniatur Figuren entdeckt.

Entspannung an Uspannung während der Stammzellespenden

De Sven krut doheem d'Noriicht, datt hien als méigleche Stammzellespender a Fro kënn. Begeeschtert vun der Méiglechkeet ze hëllefen, huet hien direkt zougestëmmt. Duerno gouf et eng detailléiert medezinesch Opklärung an eng Rei Ënnersichungen. Trotzdeem hat hien e bësse Bedenken am Hibleck op déi nei Erfahrung: "Wéi den Dag vun der Entnahm ukomm ass, gouf ech e bëssen nervös, mee ech hat keng richtig Angscht", erënnert sech de Sven. An ongeféier 90 Prozent vun de Fäll ginn d'Stammzellen aus dem Blut vum Spender gewonnen. Beim Sven gouf d'Entnahm awer direkt aus dem Knachemuerch gemaach. Dobäi gött de Becke Knache ënner Vollnarkos punktéiert.

Obwuel dëse Virgank am Ufank vläicht beängstegend klengen kann, geet de Sven entspaant un d'Saach: "Ech sinn vun Natur aus ee Mësch, deen d'Saache gelooss op sech duerkomm léisst an sech net ze vill Suerge mécht", seet hien iwwer sech selwer. "D'Infirmiëren an d'Doktere ware beandrockt vu menger roueger an entspaanter Aart".

Wéi de Sven aus der Narkos erwächt, stécht eng Saach virun allem eraus – ofgesi vum staarke Muskelkater am ënneschte Réck: d'Hoffnung. D'Hoffnung, datt seng Spend hëllef wäert. D'Hoffnung, datt hien sengem genetischen Zwilling eng zweet Chance am Liewe ginn huet.

Liewens rettend Hëllef fir e klengen Jong

Fir de Sven spillt et keng Roll, wien genee seng Stammzellespend kritt; dat eenzeg, wat fir hien zielt, ass, datt hie hëllef kann. Hie gött awer emotional, wéi hien gewuer gött, datt seng Spend un e Jong geet, deen eréischt zwee Joer al ass. "Mir sinn direkt d'Tréinen an d'Aen geschoss. Ech

géif mäi genetesch Zwilling am léifste fest an d'Äerm huelen an him soen, hie soll säi Liewen a vollen Zich genéissen", seet de Sven. Als Papp vun engem klengen Jong versteet hien, wéi wäertvoll d'Hoffnung op eng gemeinsam Zukunft ass.

Elo wëll de Sven och anerer dozou ermonteren, sech registréieren ze loossen: „Egal wéi grouss d'Angscht virum Entnahmeprozess oder souguer virum der Virënnersichung vum Eenzelnen ass – et ass näischt am Verglach zu deem Gefill, ze wëssen, datt een engem anere Mënsch eng zweet Chance ginn huet.“


Spend duerch grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht erméiglecht

D'Stefan-Morsch-Stiftung mat Sëtz zu Birkenfeld (Rheinland-Pfalz) verwalt de Register fir Stammzellespender fir Lëtzebuerg. Si gëtt bei dëser Aarbecht vun den Initiativen Plooschter Projet an Don de Moelle ënnerstëtzt, déi zu Lëtzebuerg iwwer d'Stammzellespend informéieren an nei potenziell Spender sichen. Duerch de Plooschter Projet huet de Sven fir d'ëischt vun der Stammzellespend héieren an decidéiert, sech registréieren ze loossen. Esou gouf hien ee vun de méi wéi 22.000 potenzielle Spender, déi sech zanter der Grënnung vum Plooschter Projet registréiert hunn. D'Stefan Morsch Stiftung këmmt sech duerno ëm d'Analys vun de Geweebe-Eegenschaften an ëm d'Betreiung virum, während an no der Spende. "Datt e Spender dee sech beim Plooschter Projet dank der enger Zesummenaarbecht mat der Stefan Morsch Stiftung registréiert huet, elo engem zweejäregem Jong d'Hoffnung op en neit Liewen gëtt, ass fir eis e Moment, deem eis déif beréiert, an e wonnerbar Beispill dofir, datt Grenzen keng Roll spillen, wann et drëms geet, aneren ze hëllefen“, ënnersträicht d'Christiane Lieners, Spriecherin vum Plooschter Projet. Och d'Susanne Morsch, Presidentin vun der Stefan Morsch Stiftung, ënnersträicht d'Wichtigkeet vun dëser Zesummenaarbecht, besonnesch am Hëllef op d'Zukunft: „Mir si ganz dankbar fir déi vertrauensvoll Partnerschaft mam Plooschter Projet, déi elo schonn zanter méi wéi zéng Joer besteet.“

"Mir freeën eis, dës Wee gemeinsam weiderzegoen an d'Sensibiliséierung fir d'Stammzellespenden ze fërderen, fir datt mir an Zukunft esou vill Patiente wéi méiglech hëllefe kënnen."

Eng Umeldung ass bei Eventer vum Plooschter Projet ob der Plaz méiglech. D'Agenda fir déi nächst Typiséierungsaktiounen an all Informatiounen iwwer d'Stammzellespend fannt Dir op www.plooschterprojet.lu.

Alternativ kann dier och är Blutanalyse an alleguerten den Laboratoiren vun eisem Partner „Picken Doheem“ / „BioneXt“ maachen. Esou wéi och an follgenden Laboen: Laboratoires Ketterthill, Laboratoires Réunis, CHEM an CHL (Aschreiwung am Spidol).



Plooschter Projet asbl
Reconnue d'utilité publique
RCn°F10747
Siège social : 28, rue Neuve
L-4380 Ehlerange

Adresse postale:
30, rue du Cimetière
L- 3715 Rumelange
info@plooschterprojet.lu
www.plooschterprojet.lu

CCPLULL PLOOSCHTERPROJET
IBAN LU67 1111 7033 0252 0000
follow us on FB and Instagram

